N°8379
Entrée le 06.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8379 vum 12. Oktober 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Am Kader vun der Energiespuerkampagne « Zesumme spueren – Zesummenhalen » sinn och fir staatlech Akteuren am September 2022 Moossname fir d'Reduzéierung vum Energieverbrauch ugeholl ginn an eng „Note d'instruction aux responsables techniques" fir staatlech Gebaier ass un all Ministèren a Verwaltunge weidergeleet ginn.

De Regierungsrot huet doriwwer eraus de 14. Juli 2023 decidéiert dës Mesurë weiderzeféieren. All d'Regierungsmembere sinn an engem Bréif vum Staatsminister ugehale gi fir déi entspriechend Note d'instruction weiderhin an alle Ministèren a Verwaltungen z'applizéieren. Dës gesäit vir, dass d'bannenzeg Beliichtung op de néidege Minimum ze limitéieren ass, fir d'Sécherheet vun den Agenten a Visiteuren ze garantéieren, esou wéi dat och am Gebai vun der Generalinspektioun vun de Finanzen ëmgesat gëtt.

Lëtzebuerg, den 5. November 2023

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes